ofgeschloss huet mat der Fonction publique, virun annerhalwem Joer, deen dëst Joer schonn erëm ausleeft, d. h. Enn 2001. Et missten donc aller Logik no am Hierscht spéitstens erëm Verhandlungen ufänke mat der Fonction publique fir deen nächsten Accord salarial.

Et ass och sou, datt am Budget 2002 en zolitten Nidderschlag sech wäert erëmspigelen, an dofir hat ech gehofft, datt am Kader vum Etat de la Nation déi Froe géife beäntwert ginn, déi ech do gestallt hunn, nämlech a wéi eng Richtung d'Regierung sech do wëllt bewegen, wou déi Verhandlungen dru sinn, wéini se uginn a wat d'Guide-lines sinn, d. h. déi grouss Linnen, déi d'Regierung sech selwer ginn huet, wéi d'Regierung wëll an déi Verhandlungen do eragoen, well jee nodeem, wéi déi grouss Linnen do definéiert ginn, kënne mer eis méi oder manner grouss finanziell Répercussiounen op de Budget 2002 erwaarden.

Vu datt ech awer keng Äntwerte kritt hunn, am Kader vum Etat de la Nation, vum Stats- a Finanzminister an och net vum Budgetsminister, hunn ech déi Fro dann haut nach eng Kéier méi prezis un den zoustännege Statssekretär gestallt, fir eben erauszefannen, wou déi Verhandlungen dru sinn, ob do scho konkret Datume fixéiert sinn, wéini déi sollen ulafen, wéini domat gerechent gëtt, datt se ofgeschloss ginn, a wat déi grouss Linne sinn, déi d'Regierung sech fixéiert, fir an déi Verhandlungen do eran ze goen.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Jos Schaack.

**M. Joseph Schaack,** *Secrétaire d'Etat à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dem honorablen Deputéierte François Bausch vläicht dat nach eng Kéier rappeléieren, wat e scho selwer gesot huet, dass dee lafenden Accord salarial dëst Joer den 31. Dezember ausleeft, dass eis also nach 7 Méint praktesch trenne vum Auslafe vun dësem Accord salarial, an him da gläichzäiteg matdeelen, dass mir eis zu dësem Zäitpunkt nach keng Gedanke gemaach hunn, wéi deen Accord salarial soll zustane kommen.

Ech mengen, mir ginn hei vir, sou wéi dat an der Vergaangenheet och de Fall war. Le moment venu wäerten d'Tarifpartner, déi concernéiert sinn, sech zesummen un en Dësch setzen. Et mussen de part et d'autre Fuerderungen op den Dësch kommen, déi, wéi an der Vergaangenheet, dann och wäerten am Regierungsrot analyséiert ginn, an da wäerte mer kucken, dass mer mat där Organisatioun, déi representative Charakter an deem dote Beräich huet, zu engem Accord kommen.

Weideres kann ech zu dësem Zäitpunkt net soen! Ech kann och net genau soen, wéini dass déi Négociatiounen ufänken, an ech géif lech vläicht am allerbeschten dat heite soen: Loosse mer eis Rendez-vous ginn, wann déi éischt Schnéiflacke falen!

Ech soen lech merci.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Oh, dat kann nach laang daueren!

*(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Domat hätte mer d'Froestonn ofgeschloss, a mir kéimen zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 4701, eng Konventioun iwwert d'Verschmotzung vun der Atmosphär.

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

D'Riedezäit ass nom Modell 0 festgeluegt. Et si bis elo agedroen: déi Häre Schank, Bodry, Graas a Gira.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Meisch.

## 4. Projet de loi 4701

**portant approbation du Protocole à la Convention de 1979 sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, relatif à la réduction de l'acidification, de l'eutrophisation et de l'ozone troposphérique, fait à Göteborg, le 30 novembre 1999**

*Rapport de la Commission de l'Environnement*

**M. Claude Meisch** *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4701, iwwert dee mer elo hei diskutéieren an ofstëmmen, approuvéiert de Protokoll, wéi Lëtzebuerg en den 30. November 1999 zu Göteborg ënnerschriwwen huet. Et ass dat e Protokoll zur Konventioun vu Genève aus dem Joer 1977 iwwert d'Pollution atmosphérique transfrontière à longue distance. Ech wëll bei dëser Geleeënheet gläichzäiteg dovu profitéieren, fir op e redaktionelle Fehler, wéi en am schréftleche Rapport ënnerlaf ass, hinzeweisen, wou iertümlecherweis stoung, dat wär eng Konventioun, déi zu Helsinki opgestallt an ënnerschriwwe gi wär.

Den Objektiv vum aachte Protokoll zu där Konventioun ass d'Lutte géint d'Versauerung, d'lwwerdüngung an den troposphäreschen Ozon. Ganz konkret Ziler ginn do definéiert. Et sinn dëst d'Reduktioun vun den Emissiounen, an zwar vum Schwiefeldioxyd, vum Stéckstoffoxyd, vum Ammoniac a vun de sougenannte COVen, de Composés organiques volatiles.

Wat d'Acidificatioun ubelaangt, sou wësse mer, datt dat eng vun den Ursaache vum sougenannte

Bëschstierwen ass, e Problem, deen e bëssen aus der Aktualitéit komm ass, deen net méi sou aktuell ass, vläicht, wéi nach an den 80er Joren, mä dofir awer nach net geléist ass, och wann déi Entwécklung, wéi mer se uganks den 80er Jore kannt hunn, sech awer lues a lues ofgebremst huet. Gläichzäiteg gëtt awer festgestallt, datt d'Versauerung och en negativen Impakt op d'Fëschbestänn huet, grad sou wéi op d'Architektur, déi doduerch lues a lues kann zersat ginn.

Virun allem d'NOX, d. h. d'Stéckstoffoxyder, an den Ammoniac, dee virun allem an der Agriculture fräigesat gëtt, droen zu enger Iwwerdüngung bäi, déi dozou féiert, datt eng Rei vu Planzen op Käschte vun anere Planze besser wuessen an domat deenen anere Planzen u sech wéineg Chancë ginn, fir an hirem natierleche Liewensraum kënnen ze iwwerliewen. E klassescht Beispill dovun ass en iwwerméissegen Algewuesstum, dee regelméisseg a Gewässer optrëtt an dozou féiert, datt de Sauerstoffgehalt am Waasser ofhëlt, wat schlecht fir d'Fësch wéi och fir d'Planzen ass. Alge kënnen doriwwer eraus toxesch sinn, souwuel fir Déiere wéi och fir Mënschen.

Mir kennen och d'Nitratproblematik am Drénkwaasser, déi haaptsächlech duerch d'NOX-Emissioune verursaacht gëtt, an all Summer, a regelméissegen Ofstänn, hu mer dann och de sougenanntene Summersmog, dee verursaacht gëtt duerch den troposphäreschen . . .

*(Coups de cloche de la Présidence)*

. . . Ozon, deen negativ Auswierkungen op d'Otemweeër vum Mënsch huet, dat ganz besonnesch bei Kanner, respektiv bei Asthmatiker. Et ginn donieft awer och Schiedegungen un de Blieder vun de Planze festgestallt. D'Agrarproduktioun geet zréck, d'selwecht wéi de Wuesstum vun de Beem am Bësch.

Mir hunn an der Chamberkommissioun och e Bléck drop geworf, wéi déi Emissiounswäerter am Laf vun deene leschten 10 Joer évoluéiert hunn, a mir konnte feststellen, datt se schonn däitlech erofgaange sinn. Dat ass allerdéngs haaptsächlech op zwee Phenomeener zréckzeféieren:

- op där enger Säit op eng Ëmstellung an der Industrie: Ech wëll drop hiweisen, datt d'Schwéierindustrie, d. h. d'Stolindustrie hei am Land, vun der klassescher Filière op Elektrostolwierker iwwergaangen ass;

- op där anerer Säit kann een och feststellen, datt am Individualverkéier eng technesch Evolutioun dozou gefouert huet, datt manner där doten Emissioune fräigesat gi sinn.

Dëse Protokoll definéiert ganz konkret Emissiounsplaffonge fir 2010 - d. h. déi mussen 2010 erreecht sinn -, déi sech op den Niveau vun 1990 berechnen. Wat d'Schwiefeldioxydémissiounen ubelaangt, sou loungen déi 1990 bei 15 Kilotonnen a solle fir 2010 op 4 Kilotonnen erofgaange sinn, wat enger Reduktioun vun 73 % entsprécht. D'Stéckstoffoxyder loungen 1990 bei 23 Kilotonnen a solle laut dësem Protokoll 2010 op 11 Kilotonnen erofgaange sinn, eng Reduktioun vun 52 %. Déi sougenannte COVe solle vun 20 Kilotonnen 1990 op 9 Kilotonnen 2010 erofgoen, also eng Reduktioun vu 55 %. Wat den Ammoniac ubelaangt, sou soll dee bei 7 Kilotonnen Emissioune gehale ginn.

Et sinn dat ambitiéis, allerdéngs, mengen ech, och realistesch Reduktiounsziler, déi gläichzäiteg awer mussen an Zesummenhank mat der Situatioun, an där sech eist Land befënnt, gesi sinn, wat eng u sech atypesch Situatioun ass. Wann ee vu Reduktiounsziler op där enger Säit schwätzt, muss ee wëssen, datt mer et op där anerer Säit awer, bedingt duerch e Wirtschaftswuesstum, wéi mer en déi lescht Joren nun emol haten, an duerch eng Augmentatioun vun der Populatioun erschwéieren, fir déi Ziler do ze erreechen. Si ginn also ëmsou méi ambitiéis!

Et muss ee vläicht och drop hiweisen, datt duerch d'Autoproduktioun vun Energie hei am Land, wéi z. B. duerch Cogénératiounsanlagen, u sech d'Statistiken herno Emissiounen erfaassen, déi virdrun net erfaasst gi sinn, wat also nach eng Kéier d'Erreeche vun deenen doten Ziler erschwéiert. Och wëll ech drop hiweisen, datt op Grond vun där beschränktener Zuel vun Emissiounsquellen, déi mer hei am Land hunn, et ganz gutt ka sinn, datt duerch eenzel Installatiounen d'Emissiounswäerter relativ staark kënne variéieren, jee nodeem ob sou eng Installatioun a Betrib geet oder hire Betrib astellt.

Mir hunn am schrëftleche Rapport dann och eng ganz Rei vu Mesuren opgezielt, déi déi lescht Jore scho geholl gi sinn, respektiv fir déi nächst Jore geplangt sinn, déi ganz oft schonn hei an der Chamber diskutéiert gi sinn, wéi z. B. d'Förderung vun erneierbaren Energiequellen, awer och d'Isolatioun vun der bestehender Bausubstanz, d'Ausweitung vum Gasréseau wéi och d'Ënnerstëtzung vu Fernwärmenetzer. Fir all déi aner méi technesch a wëssenschaftlech Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marco Schank agedroen. Den Här Schank huet d'Wuert.

*Discussion générale*

**M. Marco Schank** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt dem Rapporteur, dem Claude Meisch, merci soe fir säin excellente Rapport am Kader vun dësem Projet de loi, an ech mengen, virun allem wann een u Kyoto denkt, datt dësen Ëmweltprojet do och eng besonnesch Aktualitéit wäert kréien.

Dat Gesetz, wat mer zur Ofstëmmung haut virleien hunn, approuvéiert wéi gesot den aachte Protokoll am Kontext vun der Pollution athmosphérique transfrontière à longue distance. Dem Objektiv vun deem Protokoll läit eng integréiert Approche zu Grond am Kampf vun de State géint d'Ëmweltverschmotzung, speziell duerch de saure Reen, d'Eutrophéierung an den Ozon.

Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt d'Ëmsetzung vun dësem Projet, wa se da konsequent geschitt, mat Sécherheet deene relevante Problemer wéi de Schwiefelémissiounen, dem Ammoniac an deene berühmte COVen, d'Composés organiques volatiles, zu Leif réckt a speziell eppes geschitt, wat der Gesondheet vum Mënsch entgéint kënnt a virun allem och eisen Ökosystemer, déi duerch déi Problematik futti gemaach ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Phenomeen vum saure Reen engersäits a vun der Eutrophéierung anerersäits, mat entspriechende Konsequenze fir d'Ëmwelt, ass net méi contestéiert. Et ass eng Realitéit! Dir wësst dat! Iwwregens ass och viru kuerzem erausfonnt ginn, datt d'Eutrophéierung vum Mier wesentlech méi wäit geet, wéi dat am Ufank gemengt ginn ass. Am Ufank ass gemengt ginn, do wier keng Relevanz. Haut wësse mer, datt dat e Fehler war, datt effektiv och d'Mier ufänkt, ganz däitlech ze eutrophéieren.

Fir d'éischt sinn a Skandinavien d'Suitë vun de sauren Nidderschléi gemierkt ginn, iwwert d'Fëschstierwen an de Séien. Dir hutt dat héieren! Dono koumen a Mëtteleuropa d'Problemer virun allem an de Bëscher an haut och an de Gewässer dobäi. Si hunn ugefaangen ze versaueren, mat all deem, wat dat fir d'Fauna an d'Flora an eise Gewässer fir Konsequenzen huet.

De saure Ree beispillsweis setzt sech aus deene Stoffer zesummen, déi eben an dësem Protokoll eng Relevanz hunn - Schwiefel, Stickstoff, Ammoniac -, an Dir wësst, datt déi gëfteg Substanzen eng ganz wäitreechend Konsequenz hunn, net nëmmen op d'Gesondheet vum Mënsch, mä virun allem och op d'Déieren, d'Planzen an d'Sachgüter am Allgemengen.

Här President, wann ee sech elo déi Donnéeën ukuckt, déi och am Rapport stinn, am Kontext vun den Emissiounen zënter 1990, da stellt ee fest, datt sech eng Rei Saachen effektiv zum Positiven entwéckelt hunn.

Am Rapport kann een dat noliesen. Beim $SO_2$ ass et däitlech erofgaangen, véiermol manner wéi nach virun ning Joer. Bei den NOX ass och eng däitlech Baisse. Bei de COVen ass et bal e Véierel erofgaangen. Beim Ammoniac ass kaum eng Differenz am Zäitraum vun 9, 10 Joer festzestellen.

Wat erlaabt eis elo dëse Protokoll? De Rapporteur huet et gesot: Et sinn däitlech Plaffongen dra fir d'$SO_2$, d'NOX, d'COVen, den Ammoniac, déi bis d'Joer 2010 mussen erreecht ginn, a fir verschidden nei Emissiounsquellen, wéi beispillsweis grouss Verbrennungsanlagen oder och industriell Prozedure wéi Metalproduktiounen oder Nettoyage à sec, Saachen, déi relativ problematesch sinn, musse Limiten agehale ginn. Datselwecht gëllt bei der Notzung vun enger Rei vu Produkter wéi Aérosolen, Faarwen an esou weider. Ech wollt net hei op déi Plaffongen agoen. Et kann een awer soen, dass déi Objektiver wuel ambitiéis, awer realistesch sinn, an der Evolutioun vun der Populatioun Rechnung droen.

De Rapporteur weist a sengem Rapport op eng Rei vu Moossnamen hin, déi erfëllt musse ginn, fir den Objektiver vu Göteborg entgéint ze kommen. Beispillsweis huet e geschriwwen: Äerdgasausbau, öffentlechen Transport, erneierbar Energien, Cogénératioun an esou weider.

Här President, ech wollt net ophalen, ouni drop hinzeweisen, dass den Haaptresponsable fir de sauere Reen de Verkéier ass. 50 % komme vum Verkéier, 30 % vun de Stéit, 11 % si problematesch Stoffer aus der Industrie an 9 % aus de Kraaftwierker.

Wann een elo d'Immissioune kuckt, also d'Auswierkunge vun deene Stoffer aus der Loft op de Mënsch, dann ass et nach méi dramatesch. Do resultéiere souguer 62 % aus dem Verkéier, 32 % aus den Heizunge vun de Stéit, 5 % aus der Industrie an nëmmen 1,3 % aus de Kraaftwierker.

Dofir soen ech et nach eng Kéier: Et ass an éischter Linn beim Verkéier, wou mer de Match gewannen oder verléieren!

*(Interruptions diverses)*

Näischt desto trotz ass de Protokoll vu Göteborg eng sënnvoll Saach an eng noutwendeg Ergänzung vun der Kyoto-Démarche am Hibléck op eng ëmfaassend national Strategie. Ech gi vun dëser Plaz aus den Accord vu menger Fraktioun.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et handelt sech heibäi ëm d'Guttheesche vun engem aachte Protokoll zu enger Konventioun vun 1979, déi sech als Zil ginn huet, fir géint d'Loftverschmotzung iwwer wäit Strecke virzegoen. Bei dëser Konventioun, wéi bei allen aneren internationale Konventiounen am Ëmweltberäich, stellt sech d'Fro prinzipiell, ob déi international Konventiounen, esou wéi se verfaasst sinn, dat heescht opgebaut op eleng politesch Engagementer ouni Sanktiounen, eigentlech dofir do sinn, fir eng Entwécklung virunzedreiwen, oder eigentlech nëmmen do sinn, fir eng Entwécklung ze begleeden.

Ech mengen, et wier gutt, wann een emol eng Kéier géif probéieren, international de Bilan ze zéien, wat da wierklech déi dote konventionell Instrumenter weltwäit bruecht hunn, ob se wierklech eng Verbesserung forcéiert hunn oder eigentlech plus ou moins der technescher Entwécklung an der normaler Entwécklung vun Ëmstellung am Wirtschaftsprozess hannendru lafen. Dat ass déi Fro, déi sech hei a bei villen internationale Konventioune stellt.

Wann ech déi Fro stellen, dann ass et, well ech d'Gefill hunn, dass mer hei, wéi och scho virdrun, eigentlech net onbedingt d'Entwécklung virundreiwen, mä dass mer hei nëmmen dat festschreiwen, wat souwisou héchstwahrscheinlech duerch den technesche Fortschrett an duerch aner Ëmstellunge wäert an deenen nächste Jore sech doen.

Bei där heite Konventioun stelle sech haaptsächlech zwou Froen, iwwert déi mer am Parlament missten debattéieren. Et ass d'Fro vun deenen nationalen Zilsetzungen. Firwat huet d'Regierung als Ziler fir 2010 bei deenen eenzelne Schuedstoffer déi Ziler festgehalen, firwat net anerer? Firwat gesi mer zum Beispill, wa mer déi eenzel Schuedstoffer duerchginn, dass, wann een eis 2010-Zilsetzung beim $SO_2$ vergläicht mat den 99er Zuelen, een do eigentlech nach kéint e Plus vu 5 % hunn als Lëtzebuerg, an da wäre mer konform zu dëser Konventioun a konform zu den Engagementer, déi d'Lëtzebuerger Regierung agaangen ass beim $SO_2$. Mir kéinte souguer nach liicht eropgoen an deenen nächste Joren. Par contre: Bei de Stéckoxyder bedeit et minus 32 %, bei de COVe minus 40 % a beim Ammoniac minus 3 %.

Wéisou déi Divergenz bei deenen eenzelne Schuedstoffer? Do gëtt souwuel de Regierungstext wéi och de Rapport vun der Kommissioun keng Äntwert. Ech wär frou, wann den zoustännege Statssekretär eis kéint Äntwerte ginn, firwat d'Regierung fir déi doten Zilsetzungen optéiert huet, wéisou déi grouss Schwankunge jee no Schuedstoff am Engagement vun der Regierung dra sinn.

Déi zweet grouss Fro, déi sech stellt, ass déi, wéi et mat der Ëmsetzung steet vun deene politeschen Engagementer, déi mir eis ginn hunn, wou d'Regierung sech engagéiert huet, international, mä och op europäeschem Plang, well deen heiten Text gëtt jo net nëmmen duerch national Moossnamen ëmgesat, mä virun allem, hunn ech den Androck, duerch europäesch Direktiven, wou elo d'Diskussioune scho wäit amgaange sinn, an do stellt sech ganz einfach d'Fro, ob de politesche Wëllen do ass, fir wierklech och national Moossnamen niewent deenen europäeschen ze huelen, einschneidend Moossnamen, fir déi minimal Ziler fir 2010 iwwerhaapt kënnen ze erreechen.

Ech kommen zréck an insistéieren op dat, wat mäi Virriedner, den Här Schank, grad gesot huet, dass opfällt, dass jee no Schuedstoff et verschidden ass, dass haaptsächlech bei de COVen a beim $NO_x$ de Verkéierssecteur den Haaptresponsable vun der Pollutioun ass, mat engem Undeel vu ronn 40 %, elo nach, bei deenen zwee wichtege Schuedstoffer, déi et hei gëllt ze reduzéieren. Wou sinn déi einschneidend national Moossnamen am Transportsecteur, déi et géifen erméiglechen, dass mer do wierklech kéinten drastesch erofgoen an deenen nächste Joren, mat engem weideren Zouwuess vum Fuhrpark, deen héchstwahrscheinlech och wäert déi nächst Joren zu Lëtzebuerg kommen. Do kënnen déi technesch Fortschrëtter, déi op deem Plang gemaach ginn, ganz liicht opgefriess ginn, einfach duerch d'Uwuesse vun der Zuel vun den Automobilen zu Lëtzebuerg.

Et bleift och d'Fro vun der Industrie. Och do ass e Batz gemaach ginn, mä de Batz ass haaptsächlech doduerch gemaach ginn, dass d'Stolindustrie sech komplett restrukturéiert huet an den 90er Joren. Doduerch sinn eis Ëmweltbilanze merklech verbessert ginn an deene wesentleche Beräicher vun der Loftverschmotzung, mä et bleift, dass d'Industrie nach ëmmer bei de Stéckoxyde wéi och beim Schwiefel en Haaptresponsablen ass, mat engem Undeel, dee ganz héich ass. Och do vermëssen ech eigentlech national Moossnamen. Déi Moossnamen, déi am Rapport vun der Kommissioun opgefouert ginn, sinn haaptsächlech Moossnamen, déi am Beräich vun den Haushalter spillen.

Am Plang iwwer eng sougenannte Strategie géint den Zäreneffekt, deen den Ëmweltministère am Mee d'lescht Joer virgestallt huet, stinn och haaptsächlech Moossnamen, déi op den Haushaltssecteur opgebaut sinn. Transport an Industrie bleiwen awer niewent dem Haushalt déi grouss Responsabel vun der Pollution atmosphérique zu Lëtzebuerg, an et wär also wichteg, dass an deenen nächste Méint géif e Complément kommen am Beräich vun der Industrie, wat d'Regierung gewëllt ass, national do ze maachen,

och am Beräich vum Verkéier bereet ass ze maachen, fir dass mer déi Zilsetzunge kënne respektéieren. Et ass also och wichteg, dass déi Virschléi, déi d'Ëmweltverwaltung schonn ufanks d'lescht Joer gemaach huet - dat ass am Rapport d'activité vum Ëmweltministère nozeliesen -, ëmgesat ginn.

Ufanks d'lescht Joer huet d'Ëmweltverwaltung dem Ministère eng Rei vu Virschléi gemaach, wat eng national Stragegie géint d'Loftverschmotzung ugeet. Ech liesen tëschent den Zeilen, dass d'Ëmweltverwaltung bedauert, dass bis elo de Ministère dat nëmmen deelweis ëmgesat huet an niewent där Strategie, déi sech eleng op déi $CO_2$-Problematik focaliséiert, et bis elo nach net zu engem zousätzleche Programm komm ass am Beräich vun deenen anere Schuedstoffer, déi hei behandelt sinn. Ech liese weider eraus, dass do anscheinend d'Ëmweltverwaltung d'lescht Joer eng Propositioun gemaach huet. Si seet, dat wär eng Diskussiounsgrondlag fir weider Schrëtt an deem Beräich.

Ech wär frou, wann déi Virschléi, déi d'Verwaltung anscheinend gemaach huet, wéi de Rapport vum Ministère et seet, och géife berücksichtegt ginn, dass déi Strategie géif complétéiert ginn, dass all déi Strategieprogrammer net nëmmen - an ech betounen dat nach eng Kéier - en Dokument vun engem Département sinn, mä dass dat och Dokumenter a Verflichtunge vun enger ganzer Regierung, vun engem ganze Land ginn, well soss ass et onméiglech, fir déi Zilsetzunge mat Hëllef vu reng nationale Moossnamen am Endeffekt kënnen ze respektéieren.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll aleedend dem Claude Meisch merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Dat hei ass zwar e Projet de loi, deen a priori kee grousst Interesse ervirrifft, mä awer trotzdem seng Bedeitung huet, well schlussendlech geet et ëm d'Gesondheet vun eis alleguer. Dass d'ganz Welt - an och mir hei zu Lëtzebuerg - vill Problemer mat der Qualitéit vun der Loft huet, mat der Qualitéit vun eise Bëscher, vun eise Biedem, dem Waasser, ass leider eng Tatsaach.

D'Konventioun vun 1979, déi zu Genf ënnerschriwwe gi war, huet u sech e breede Kader gestallt, fir eng verbessert Kooperatioun um Niveau vun der Bekämpfung vun der Loftverschmotzung unzestriewen.

De Protokoll, dee mer haut stëmmen, leet den Akzent op de Kampf géint d'Versäuerung, d'Eutrophisatioun an och de Buedemozon. Gewosst ass jo, dass d'Loftverknaschtung och derzou bäidréit, dass ëmmer méi Leit gesondheetlech Problemer kréien. D'Zuel vun den erhéichten Asthmafäll ass ouni Zweifel leider do e Beispill.

Och wann et sech bei dësem Problem ëm e planetaresche Problem handelt, mengen ech trotzdem, dass och e klengt Land wéi Lëtzebuerg sech op kee Fall däerf aus senger Verantwortung erausstielen.

Et ass dofir begréissenswäert, dass d'Regierung versicht, deem Protokoll gerecht ze ginn, a sech, wéi scho meng Virriedner et hei gesot hunn, eng Rei vun ambitiösen Zilsetzunge gesat huet, wat d'Reduktioun vun enger Rei vun Emissiounen ubelaangt, sief dat beim Schwefeldioxyd oder bei den $NO_x$.

Ech wëll an deem Kontext drop hiweisen, dass et wichteg ass, dass een och vläicht duerch eng Rei vu Reglementer - an ech denke spezifesch un eent, an zwar dat, wann d'Particulieren zum Beispill hir Fënsteren duerch Fënstere mat duebeler Verglasung ersetzen - de Leit Ënnerstëtzung soll ginn, wéi dat fréier de Fall war, well et ass nun emol esou, dass, wann Investissementer gemaach ginn, déi dann och sollen deementspriechend belount ginn. Ech sinn och der Meenung, dass déi Betriber, déi Industrien, déi seriö Investissementer maachen, solle steierlech Avantagë kréien.

Mir sinn eis alleguer eens: Ee vun den Haaptverschmotzer ass natierlech de Verkéier. Dat ass e ganz grousse Problem. Et ass virdrun hei behaapt ginn, et géife keng Mesurë geholl ginn, fir u sech dee Problem hei zu Lëtzebuerg besser an de Grëff ze kréien. Ech wëll awer drop hiweisen, dass jo awer den Transportminister eng Rei vu Virschléi hei ënnerbreet huet. Ech wëll net an den Detail goen, mä et sief awer an Erënnerung bruecht, dass zum Beispill eng Verduebelung vun der Eisebunnslinn vu Lëtzebuerg op Péiteng geplangt ass. Et ass en Ausbau vun der Eisebunnslinn vun Diddeleng op Volmerange-les-Mines geplangt, mat gläichzäitegem Bau vun engem Opfangparking. Dat sinn also schonn éischt Usätz, déi awer drop hinzilen, fir d'Verkéiersproblematik besser an de Grëff ze kréien.

Am Protokoll gëtt dann och en Opruff gemaach un d'Signatairen, fir sech verstäerkt fir erneierbar Energien anzesetzen. Grad op deem Gebitt huet d'Regierung kloer Akzenter gesat duerch déi zwee Reglementer, déi elo kierzlech arrêtéiert goufen.

*(Interruption)*

Gedëllegt lech, déi trieden nach a Kraaft. Dir wäert lech nach wonneren, wat fir en Impakt déi wäerten hunn.

Allerdéngs wëll ech hei betounen, dass grad d'öffentlech Hand awer och muss mam gudde Beispill

virgoen. Ech denken un éischter Linn un de Stat, awer och un d'Gemengen, soudass, wann an Zukunft Bauprojeten hei décidéiert ginn, do virun allem awer och muss den Akzent op d'erneierbar Energië gesat ginn. Net méi spéit wéi gëschter hate mer an der Commission des Travaux publics an engem Projet, op dee mer nach wäerten zréckkommen, och déi Diskussioun. Et ass also wichteg, dass mer och Signaler als Stat setzen.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).-* Fänkt emol beim Energiespueren un!

**M. Gusty Graas** *(DP).-* Et muss een dach och drop hiweisen, datt d'EU-Kommissioun elo kierzlech en neie Programm arrêtéiert huet, e Programm, dee sech „propper Loft fir Europa" nennt. Mat deem Programm sollen nei Loftqualitéitsstandarden agefouert ginn, wou de Schwéierpunkt da virun allem op Stëbspartikelen an op de buedemnoen Ozon geluegt gëtt. E gesäit ënner anerem vir, datt vum 1. Januar 2005 u schwiefelfräi Produkter fir d'Otto- an d'Dieselkraaftmotore solle geplangt ginn. Ech géif soen, dat ass eng wichteg Mesure. Schlussendlech soll da vum Joer 2011 un den Ottokraaftstoff ganz schwiefelfräi sinn.

Erlaabt mer awer, vläicht nach op e leschte Punkt zréckzekommen.

*(Interruption)*

Et ass een Aspekt, Här Huss, Dir hutt Recht, mä et ass awer zumindest schonn emol e ganz wichtegen.

*(Interruption)*

Ech wëll ofschléissend nach op e Punkt zréckkommen, well duerch dëse Protokoll jo och fir d'éischte Kéier emol d'Landwirtschaft viséiert ass. En ass schonn e puermol hei ugeklongen, de Problem vun der Eutrophisatioun. Dat ass e Phenomen, dee mer och hei zu Lëtzebuerg kennen. Dat soll een net ignoréieren. Wien an deenen nächste Wochen a Méint en Tour op d'Sauer mécht, a virun allem op de Stauséi - ech schwätze méi spezifesch vun der Misärsbréck -, dee wäert gewuer ginn, wat de Problem vun der Iwwerdüngung ka bewierken. D'lescht Joer . . .

**Une voix.-** D'lescht Joer war et ganz schéin do!

**M. Gusty Graas** *(DP).-* . . . konnte mer eis e besonnesch gutt Bild maachen. Ech fannen, dat ass eng Entwécklung, déi een net kann ignoréieren.

Et ass also wichteg - do sinn ech ganz mat lech d'accord, Här Loes -, fir net eleng der Landwirtschaft de schwaarze Péiter ze ginn. Dat ass net objektiv. Mä mir wësse jo awer, dass tëschent der intensiver Landwirtschaft an dem Phenomen vun der Eutrophisatioun dach awer eng gewësse Relatioun besteet. Ech wëll hei beileiwen net déi traditionell Landwirtschaft veruerteelen, mä et sollt een awer an Zukunft versichen, verstäerkt op déi Landwirtschaft ze setzen, déi manner Düngemëttelen asetzt, an éischter eng biologesch Landwirtschaft ze développéieren.

Ech wëll och hei drop hiweisen, dass et Projete gëtt vu sougenanntenen Uferschutzsträifeprogrammer, déi an der Praxis op verschiddene Plaze gutt funktionéieren. De Gemengesyndikat SICONA huet do eng Pionéieraarbecht geleescht, mat der Landwirtschaft zesummen. Am Dialog sinn do Programmer gemaach ginn, wou dann de Bauer entschiedegt gëtt, well en eben net ka sou en héijen Ertrag op deenen Arealer erbréngen. Wéinst deem wirtschaftlechen Ausfall, deen en huet, kritt en dann awer eng Kompensatioun vun der öffentlecher Hand, wat u sech e System ass, deen een nach sollt, ouni Zweifel, ausbauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, u sech ass dat hei e ganz wichtege Projet, och wann e vläicht net ëmmer déi grouss Opmierksamkeet dobausse provozéiert. Ech hoffen awer, dass et net nëmme bei den Absichtserklärunge bleift, déi an deem Protokoll hei zréckbehale gi sinn, mä datt mer och geziilt un déi Ofmaachungen eru ginn an déi néideg Mesuren an d'Weeër leeden, fir déi Ziler, déi mer eis gesat hunn, ze erreechen.

Ofschléissend wëll ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Den Här Camille Gira ass als nächste Riedner agedroen. Den Här Gira huet d'Wuert.

**M. Camille Gira** *(DÉI GRÉNG).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann als éischt mech nëmmen där fundamentaler Froestellung, déi de Kolleeg Bodry hei virdrun opgeworf huet, uschléissen, wat de Stellewäert an den Impakt vun esou Konventiounen an der Realitéit dobaussen ugeet.

Mir haten de Moien an der Intérieurskommissioun eng aner international Konventioun um Ordre du jour iwwert d'Propretéit an d'Sécherheet vum Waasser, a mir hunn zesummen do festgestallt, dass mer zwar schonn 1962 eng Muselkonventioun ënnerschriwwen hunn, mä praktesch 40 Joer dono - 40 Joer dono! - nach ëmmer keng Kläranlag op Lëtzebuerger Säit fir dee Floss hunn.

*(Interruptions)*

Dofir kann ee sech wierklech iwwert den Impakt vun esou Konventioune Froe stellen!

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Här President, déi Gréng hätten trotz aller Virsiicht ganz gär dës Konventioun gestëmmt. Mir freeën eis driwwer, dass Lëtzebuerg wëllt bis 2010 d'Schwiefeldioxyder ëm 73 % reduzéieren. Et mécht eis frou, wann déiselwecht Regierung wëllt d'Stéckoxyder ëm 52 % reduzéieren, obwuel mer, wa mer d'Evolutioun am Transportberäich gesinn, ganz skeptesch sinn, wéi dat Zil soll erreecht ginn. Mir wieren och frou, wann d'COVen ëm 55 % géife reduzéiert ginn.

Mir kënnen awer net domat d'accord sinn, wa mer am Beräich vum Ammoniac einfach d'Aen zou maachen. Mir verstinn net, firwat am Kader vun dëser Konventioun Lëtzebuerg mat Spuenien dat eenzegt Land ass, dat praktesch keng oder null Reduktioune beim Ammoniac wëllt virhuelen. Dobäi wier grad an dësem Beräich e groussen Handlungsbedarf. Ëmmerhin ass et esou, dass Lëtzebuerg bei den Hektarerträg nëmmen op 9. Plaz an Europa läit a beim Asaz vun den Düngemëttelen, namhaft Stéckoxyder, un 3. Plaz.

Also ass hei iergendeppes faul. Ech hu schonn e puermol probéiert drop hinzeweisen, mä och hei bei dëser Konventioun gëtt net drop agaangen. Dobäi sinn awer aner Länner wéi Éisträich, deenen een doudsécher net ka virwerfen, . . .

*(Interruptions)*

. . . méi eng intensiv Landwirtschaft ze hu wéi Lëtzebuerg, . . .

*(Interruptions)*

Wann een an d'Viralpe geet, mengen ech, ass dat eng aner Situatioun wéi hei. Déi bréngen et fäerdeg, 19 % ze reduzéieren. Mir maachen emol vu vireran näischt! Mä ech mengen, et brauch ee sech net ze wonneren! Wann ee weess, dass - an dat ass international unerkannt - d'Landwirtschaft nun emol zu engem ganz groussen Deel fir den Ammoniac zoustänneg ass, a wann ee weess, dass zu Lëtzebuerg 88 Kilo Stéckstoff pro Hektar pro Joer verluer ginn, da wier eigentlech dringend eppes ze maachen.

Well et geet net nëmmen hei ëm den Impakt op d'Ëmwelt! Neen, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei och ëm den Impakt op de Budget vun de Baueren. Do sinn einfach Honnerte Milliounen am Joer, déi wierklech zur Fënster eraus gehäit ginn. Mir fannen et wierklech bedauerlech, dass, obwuel dee Problem scho laang bekannt ass, net méi intensiv doru geschafft gëtt.

Mä wonnert lech dat nach, Här President, Dir Dammen an Dir Hären? Alles, wat hei am Land a Relatioun mat der Landwirtschaft steet, gëtt jo mat engem Tabu beluegt. Dat ass d'Chasse gardée vun der CSV!

*(Interruptions)*

An „gare à la mine", Här President, Dir Dammen an Dir Hären, en net-Initiéierte wot et, op eng Rei Problemer oder Mëssstänn an deem Beräich hinzeweisen.

*(Interruptions)*

Da gëtt, Här President, dee ganze Waffenarsenal vun der CSV a Bewegung gesat! Dat konnte mer jo d'lescht Woch hei op dëser Plaz gesinn.

*(Interruptions)*

Amplaz sech mam Problem ze befaassen, reit da souguer e Politiker wéi den Här Clement perséinlech Attacken, an dann erwecht souguer den Här Boden aus sengem 20jäerege ministeriellen Dornréischeschlof!

*(Hilarité)*

Mä et ass jo net nei, dass d'CSV bei esou Dossieren déi bekannte Strategie uwennt, déi dorop erausleeft, éischter op deen ze schéissen, deen d'Noriicht iwwerbréngt, wéi sech mat der Noriicht selwer ze beschäftegen. Dat huet schonn dacks der CSV kuerzfristeg eppes bruecht. An deem heite Fall ass et elo schonn amgaangen, der Ëmwelt ze schueden, a mir si sécher, dass et och mëttelfristeg der Lëtzebuerger Landwirtschaft wäert op de Kapp falen.

Ech soen lech merci, Här President!

*(Interruptions diverses)*

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

**M. Robert Mehlen** *(ADR).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och vu menger Säit merci dem Rapporteur, deen eis hei däitlech duergeluegt huet, ëm wat et geet.

Ech mengen, mir sinn eis all iwwert d'Zilsetzung eens. D'Fro ass - an déi ass ganz richteg hei gestallt gi vu menge Virriedner -: Wat fir eng Instrumenter setze mer um nationale Plang an, fir déi Ziler do ze erreechen? Et ass eng ganz Strategie erfuerdert. Et sinn eenzel Instrumenter schonn ënnerwee.

Wann hei geschwat gëtt vu Reglementer fir erneierbar Energien a sou weider, da muss een awer och wierklech d'Fro stellen: Wéi laang mussen déi Leit, déi an deem Secteur eng Virreiderroll iwwerholl hunn, do investéiert hunn a sou weider, nach waarden, bis se endlech déi Hëllefe kréien? Et war gesot ginn, den 1. Januar 2000 zum Beispill deen zousätzleche Frang pro Kilowatt d'Stonn. Wann et fäerdeg ass, sinn zwee Joer ëm, an da si mer frou, wann et dann endlech souwäit ass.

Här President, mir hunn nëmmen zwou Minutten, dofir muss ech scho gläich Schluss maachen.

*(Interruptions)*

Ech wollt awer e Wuert soen zu där Polemik, déi hei iwwert déi soi disant intensiv Landwirtschaft opkomm ass. Et muss ee soen, datt awer munches an deene leschte Jore gemaach ginn ass, mä datt ee just an der Gestioun, an der Applicatioun vum Stickstoff, ganz gutt muss équipéiert sinn. Do muss een am Fréijoer an engem ganz kuerzen Zäitraum enorm vill Prouwen huelen, fir genee ze gesinn, wat den Zoustand vum Buedem ass, wat déi natierlech Reserven oder d'Reserve vum Joer virdrun u Stickstoff am Buedem sinn, fir genau kënnen ze évaluéieren: Wat däerf ech dann elo, wat ass nach vertrietbar, wat kann ech maachen?

Do - an do si mer eis eens - kann ee vill maachen. Mä dat kënnen d'Baueren net maachen. Do ass effektiv d'Regierung gefuerdert. Do si Laboratoiren an Equipementer erfuerdert. De Maschinenring huet eng Maschin ugeschaaft, wou se um Terrain kënne ganz séier Prouwen huelen. Dat ass eng Jeep mat enger automatescher Anlag, déi souguer iwwer Satellit genau de Punkt festleet, wou dann déi Prouf geholl gëtt. Wat passéiert? Si si schonn e Joer amgaangen, fir dat Instrument zu Sandweiler duerch d'Kontroll ze kréien. Mir bleiwen einfach un deem technesche Problem hänken, datt déi Maschin keng Autorisatioun kritt, fir iwwert d'Strooss ze fueren.

Ech mengen, do kann een och nëmmen de Kapp rëselen, wann et bei der technescher Ëmsetzung un esou Klengegkeeten hänke bleift.

Här President, dat gesot, sinn awer déi Problemer, déi mer am Waasser gesinn, déi net ze négligéiere sinn, net eleng op d'Landwirtschaft zréckzeféieren. Mir hunn, ganz besonnesch wat d'Haushalter ubelaangt, an der Klärung vun den Ofwässer och nach e ganz groussen Effort ze maachen. Do wëlle mir vun eiser Säit awer och bedaueren, datt an Tëschenzäit nach net méi op deem Plang geschitt ass. Trotzdem wëll ech soen, datt mir dëse Projet wäerte stëmmen.

**M. le Président.-** Den Här Aloyse Bisdorff ass als leschten Diskussiounsriedner agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff** *(déi Lénk).-* Här President, et ass d'Woch vun den Nullen am Parlament; ech schwätze vun de Riedezäiten nom Schema 0!

Vun zing Gesetzesprojeten, déi op der Dagesuerdnung stinn, sinn der siwen, fir déi d'Riedezäit nom Schema 0, dat heescht no der niddregster Zäit festgeluegt ass.

*(Interruptions)*

Dobäi si wichteg Projete wéi dësen zum Beispill, wou Lëtzebuerg sech verflicht, eng Reduktioun vun $SO_2$, $NO_x$, flüchtegen organesche Stoffer an Ammoniac ze maachen an och deen entspriechende Plang virzeleeën, wéi dat soll geschéien a wat een hei kéint ënnerhuelen, fir dat ze erreechen. Do wär sécherlech eng länger Diskussioun nëtzlech gewiescht. Ech bedaueren, dass dat net méiglech ass, a kann aus Zäitgrënn keng weider Ausféierungen dozou maachen.

*(Interruptions)*

Interessant wär et nämlech gewiescht, fir ze wëssen:

- a wat fir engem Quadrat Lëtzebuerg läit; d'EU gëtt jo agedeelt a Quadrater vun 150 op 150 Kilometer; . . .

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

. . . do leie mir doudsécher an iergendengem vun deene Quadrater dran;

- weini dass den éischte Rapport gemaach gëtt; mir wëssen dass, wann déi Direktiv hei a Kraaft trëtt, den Oktober vum Joer dono e Rapport an deem Sënn muss gemaach ginn;

- wéi zum Beispill Lëtzebuerg de Punkt 4 vum Artikel 6 vun der Direktiv ëmsetzt, a sou weider a sou fort.

Et wären also vill Saachen hei unzeschneiden, ënner anerem och eng onsënneg Ausso am Bericht vun der parlamentarescher Kommissioun iwwert d'Wäermekraaftkoppelungsanlag oder gläichzäiteg och d'net-Erwähnung vun der Photovoltaik, vun de Brennstoffzellen a vu Biogasanlagen. Dat si lauter Saachen, déi kënnen hei net ugeschnidde ginn, eben aus Zäitgrënn.

Ech bedaueren dat ganz hefteg, wat mech awer net dru wäert hënneren, dëse Gesetzesprojet ze stëmmen.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Statssekretär Eugène Berger.

**M. Eugène Berger,** *Secrétaire d'Etat à l'Environnement.-* Merci, Här President. Ech wéilt och dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierlechen a fundéierte Bericht, respektiv och deene verschiddene Spriecher.

Mir gesinn hei, datt lauter Expären d'Wuert ergraff hunn, soudass ech also net muss zevill nach an déi eenzel Detailer vun deem Protokoll agoen, dee sech jo am Kader vun der Konventioun vu Genève situéiert a sécher eng ganz wichteg Etapp am Schutz fir d'Atmosphär ass.

Et gi ganz vill Diskussiounen an der leschter Zäit gefouert, wann een iwwer Loft schwätzt, haaptsächlech am Beräich vum $CO_2$, wat eng Rei Inzidenzen op de Klimaschutz huet. Mä hei sinn aner Gasen, déi och ganz déterminant si fir d'Loftqualitéit, respektiv fir all déi Nofolgen, déi se hunn, wa se zum Beispill an d'Waasser oder an de Buedem gelaangen.

Et ass och esou, datt, wann ee wëllt am Beräich vun de Gasen aktiv ginn, ee muss länneriwwergräifend déi ganz Saach ugoen. D'Loft kennt keng Grenzen, a mir mussen dofir international Konventioune maachen, respektiv dee Problem um internationale Plang ugoen.

Et ass awer op där anerer Säit esou, dass den internationale Kontext sech zesummesetzt aus lauter Puzzlestécker vun nationalen Elementer, an dofir muss dann natierlech an deem ganze Puzzle all eenzelt Land seng Responsabilitéiten huelen an do Effore maachen.

Et ass scho gesot ginn: Lëtzebuerg huet sech hei an deem Protokoll Ziler gesat. Bei den SO wëlle mer op 4 Kilotonne kommen, bei den $NO_x$ op 11 Kilotonnen, bei den COVen op 9 Kilotonnen, a beim Ammoniac bleiwe mer bei 7 Kilotonnen, 2010. Déi Ziler sinn ambitiéis, awer och realistesch. Et muss een och ëmmer bedenken, datt mer an deem atypesche Kontext vu Lëtzebuerg sinn, wou d'Populatioun zouhëlt a mer wëssen, datt mer relativ limitéiert Quellen hunn, déi eben déi Emissioune verursaachen, an dat ka ganz grouss Variatioune mat sech bréngen.

Et ass virdru gefrot ginn: Firwat dës Ziler, firwat keng aner? Et ass op Grond vun de Berechnunge vun 1998/99, wou déi Ziler extrapoléiert gi sinn, awer automatesch och schonn nei Effore mat agerechent gi sinn. Et ass also net einfach gekuckt ginn, linear, op wat fir eng Situatioun mer am Joer 2010 kommen. Et ass schonn an déi Ziler mat agerechent ginn, wat een zousätzlech nach misst als Effore maachen, fir dann awer e Plus ze kréie géintiwwer där normaler Steigerung.

Ech wëll och drun erënneren, datt dat hei een Element ass, de Protokoll vun där Konventioun, an de Moment um europäesche Plang eng Propositioun vun enger EU-Direktiv an der Diskussioun ass, déi an déiselwecht Richtung geet, wou och Plaffonge vun der Kommissioun fixéiert gi sinn, déi d'selwecht si wéi hei am Protokoll. De Moment ass déi Propositioun vun enger Direktiv an der Conciliatioun, well d'Parlament wëllt e bësse méi wäit goen, mä do musse mer ofwaarden, wat dobäi erauskënnt.

Et ass kloer, datt dat hei en Text ass, dee vläicht kéint e bëssen abstrakt wierken, wou natierlech jidderee sech freet, och d'Politiker: Wat heescht dat am Alldag, wat soll dat als Effore bewierken? Et ass esou, datt mer e Katalog vu Moossnamen hei zu Lëtzebuerg wäerte virgesinn, deen opbaut op eng Analys, eng Etüd, déi gemaach ginn ass vun engem däitsche Büro a vun der Ëmweltverwaltung begutacht gi war, wou awer d'Ëmweltverwaltung och gesot huet, datt do eng Rei Elementer feelen. Si hu mer elo verschidden nei Propositioune gemaach, a mir wäerten dann an deenen nächste Méint e ganze Plang presentéieren am Beräich, wéi mer dat wäerten nennen, vun der Protection de l'atmosphère. Virdrun hu mer dat Loftqualitéit genannt.

Wann een et elo kuckt, da sinn awer déi Ziler, déi mer eis gesat hunn, sensibel Reduktioune par rapport zu 1990. Ech mengen, dat ass och scho virdrun hei unerkannt ginn! Ech sinn och domat d'accord, datt am Beräich vum Ammoniac e Stëllstand ass. Dat huet eng Rei vun Ursaachen, déi schonn ugeklonge sinn, wéi z. B. d'Landwirtschaft, wou mer wëssen, datt mer à l'état actuel net kënnen ënnert deen Niveau goen, ouni eng Rei Schwieregkeete bei de Betriber ze kréien.

Ech wëll awer och drun erënneren, datt dat e Problem ass, dee mer ganz seriö huelen, datt mer do deelweis nach mussen Iwwerzeegungsaarbecht maachen an och eng Direktiv hunn, d'Nitratdirektiv, déi mer duerch e Reglement vum Dezember 2000 ëmgesat hunn, déi awer sécher kann en zousätzlechen Akzent setzen an eis hëllefen, am Beräich vun den organeschen a chemeschen Dünger, dat besser an de Grëff ze kréien, a vläicht hu mer dann d'Situatioun, am Joer 2010, obwuel mer eis déi Plaffongen net gesat hunn, datt mer awer da kënnen drënner leien.

Wat déi konkret Mesuren ugeet, gëtt et natierlech herno ganz vill Interferenze mat eiser nationaler Strategie am $CO_2$-Beräich, well wann een d'Sourcë kuckt, gëtt et sécher - dat ass virdru gesot ginn - am Transportwiesen eng Rei Sourcen, mä net nëmmen do! De Gusty Graas huet gesot, datt eng Rei Effore gemaach ginn am Transportwiesen. Mä wann een awer den Expären nolauschtert, da gesi si awer nach vill aner Potentialer, déi net onbedingt am Transportberäich leien, wou ee ka Reduktioune vun $NO_x$, $SO_x$ an COVen erreechen, haaptsächlech am Beräich vun der Energie.

Virdrun ass gefrot ginn: Wou sinn dann déi Reglementer drun, wou awer, mengen ech, jidderee domat d'accord ass, datt dat gutt Reglementer waren? Et ass sou, datt viru ronn dräi Wochen de Regierungsrot déi Reglementer no verschiddenen Amendementer guttgeheescht huet. D'Reglement vun den Direkthëllefe wäert an den nächste Woche publizéiert ginn. Dat gëllt - dat wëll ech nach eng Kéier betounen - réckwierkend op den 1. Januar 2001! Och d'Reglement vun der Prime d'encouragement wäert réckwierkend op den 1. Januar a Kraaft trieden. Mir

hunn dat nach eng Kéier op Bréissel notifizéiert, fir do net eventuell a Konflikt ze komme mat de Bestëmmungen, déi et do gëtt.

Besonnesch wat d'$NO_x$ an d'$SO_x$ ugeet, sinn all déi Mesuren, déi mer am Energieberäich huelen, sécher gutt fir d'Reduktioune vum $CO_2$, mä och fir déi heite Gasen. Bei den COVe kënnt dann dobäi, datt do e grousst Potential ass bei de Léisungsmëttelen, an do hu mer och mëttlerweil eng Direktiv vum leschte Joer, déi och an déi Richtung geet, datt mer also an deem ganze Beräich vun den organesche Léisungsmëttele wäerten eng Rei Effore maachen, fir kënnen déi Ziler ze erreechen.

Schlussendlech nach vläicht eng Remarque - well dat ass jo och eng Ursaach vun den Emissiounen - zum Industrieberäich. Do sinn ech e bëssen erstaunt, datt den Här Bodry seet, hie géif do national Moossname vermëssen. Mir brauchen do keng nei Moossnamen ze erfannen! Mir mussen einfach nëmmen eist Kommodo-Gesetz applizéieren, an ech kann nëmme soen, datt, wéi ech an deem Ministère ugetratt sinn, . . .

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Wéi ass et da mat den Normen?

*(Interruption)*

**M. Eugène Berger,** *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- . . . Här Bodry, do mindestens 10 Dossiere vu groussen Entreprisë säit 10 Joer loungen!

*(Interruption)*

Wann een déi Kommodoen ausgestallt hätt, hätte mer scho ganz vill gemaach, . . .

*(Interruption)*

. . . am Industrieberäich, . . .

*(Interruptions)*

. . . fir d'Reduktioune vun deenen Emissiounen! Also, . . .

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Wat hutt Der mat deem Projet gemaach?

**M. Eugène Berger,** *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- . . . da kann ee just erstaunt sinn, wann Dir frot, wou déi national Moossname sinn, . . .

*(Interruptions)*

. . . wann een dat schonn hätt kënne säit 10 Joer . . .

*(Coups de cloche de la Présidence)*

. . . maachen!

Dat gesot, Här President, wéilt ech all de Spriecher merci soen, an och der Chamber, datt se dëse Protokoll stëmmt!

**Une voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)*

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen driwwer of.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen a fënnef Abstentiounen.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par M. Willy Bourg);*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par Mme Lydia Mutsch), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aloyse Bisdorff.*

*Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia (par M. François Bausch), Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

*(Assentiment)*

Et ass also sou décidéiert.

Da kéime mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4671, enger Konventioun iwwert d'Zesummenaarbecht vun den Douanesverwaltungen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Ouh, dat ass interessant!

**M. le Président.-** Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Klein a Bettel.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

*(Interruptions)*

## 5. Projet de loi 4671

**portant approbation de la Convention établie sur la base de l'article K.3 du Traité sur l'Union européenne, relative à l'assistance mutuelle et à la coopération entre les administrations douanières, signée à Bruxelles, le 18 décembre 1997**

*Rapport de la Commission juridique*

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ee vun den Haaptobjektiver vun der Europäescher Unioun ass d'Schafe vun engem Sécherheets- a Justizraum, deen de Bierger beschütze soll. Dësen Objektiv gëtt erreecht duerch d'Virbeugung an de Kampf géint d'Kriminalitéit. Dofir gesäit den Traité iwwert d'Europäesch Unioun d'Zesummewuessen an d'Harmoniséierung vum Strofrecht vir, wéi och d'Zesummenaarbecht vun deenen nationale Polizei-, Douane- a Justizautoritéiten.

Bedingt duerch d'Ofschafe vun de Grenzkontrollen an de fräie Persouneverkéier kënnen d'Verbriecher méi liicht hire kriminellen Aktivitéiten nogoen. D'State vun der Europäescher Unioun kënnen dës Form vu Kriminalitéit nëmmen ënnerbannen, wann hir Moossnamen eng grenziwwerschreidend Wierkung hunn.

D'K.3-Konventioun iwwert d'Zesummenaarbecht tëscht den nationalen Douanesautoritéiten, déi den 18. Dezember 1997 zu Bréissel ënnerschriwwe ginn ass an iwwert déi mir haut an der Chamber wäerten ofstëmmen, ass e wichtegt Instrument am Kampf géint dat grenziwwerschreidend Verbriechen. Dës Konventioun ass net déi éischt iwwert d'Zesummenaarbecht vun den Douanen. Schonn am Joer 1967 ass d'Konventioun vun Neapel iwwert dës Matière ënnerschriwwe ginn. D'Bréisseler Konventioun vun 1997, och Neapel II genannt, geet awer méi wäit wéi d'Konventioun vun Neapel, déi esou ersat gëtt, an dat op méi Niveauen.

Sou gëtt de Champ d'application vun der Zesummenaarbecht ausgedehnt. De Blanchiment vu Suen, déi aus den Infractioune géint déi national an europäesch Douanegesetzgebung stamen, falen ënnert d'Bréisseler Konventioun. Aus national-juristesche Grënn ass eis Administration des Douanes et Accises awer net zoustänneg fir de Blanchiment d'argent. D'Strofverfolgung bleift an den Hänn vum Parquet.

Bei der Notioun vun Administrations douanières, déi vun der Bréisseler Konventioun gebraucht gëtt, sinn all déijéineg Autoritéite betraff, déi Kompetenz hunn, fir déi vun der Bréisseler Konventioun opgelëschte Verbriechen ze bekämpfen. Domat ass net nëmmen d'Douanesverwaltung gemengt, mä och d'Justizautoritéite wéi de Parquet an d'Police judiciaire. D'Bréisseler Konventioun verännert d'Kompetenze vun der Administration des Douanes et Accises awer net.

E weidere wichtege Fortschrëtt vun der Bréisseler Konventioun sinn déi nei Forme vun Zesummenaarbecht. Ënner verschiddene Konditioune kann eis Douane e Verbriecher bis an d'Ausland verfolgen, oder d'Douanesautoritéiten aus engem anere Stat vun der Europäescher Unioun kënnen zu Lëtzebuerg agräifen. Nei Forme vun Zesummenaarbecht sinn z. B. grenziwwerschreidend Observatiounen, Liaisons surveillées, fir erauszefannen, ween den Destinataire vun enger Schmuggelwuer ass, oder déi sougenannten Enquêtes discrètes, wou sech e Beamten ënner fiktiver Identitéit an e Grupp aschleise léisst. Eng weider Méiglechkeet vun Zesummenaarbecht ass, speziell Enquêteéquipen ze schafen, déi sech aus Beamten aus verschiddene Länner zesummesetzen.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Ee Moment, Här Santer! Ech gesinn, hei gëtt mam Handy hantéiert! Mir hunn d'lescht Woch eréischt hei an Erënnerung geruff, dass et verbueden ass, heibannen ze telefonéieren! Jiddereen, deen telefonéiert, soll eraus an d'Kabinn goen; dat stéiert d'Aarbecht vun deenen aneren. Wa jiddereen dat mécht, wou komme mer dann hin?

*(Interruption)*

Här Santer, Dir kënnt virufueren!

**Une voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** An déi aner sollen oppassen!

**M. Patrick Santer** *(CSV), rapporteur*.- Déi grenziwwerschreidend Kooperatioun ennerläit awer verschiddene Bedingungen. De Principe de l'égalité an de Principe de subsidiarité musse respektéiert ginn. Zousätzlech mussen d'grenziwwerschreidend Mesurë proportionell zur Gravitéit vun den Infractioune sinn.

Nom Artikel 2 vum Gesetzesprojet ass den territorial zoustännege Procureur d'Etat kompetent, fir verschidde Kooperatiounsformen ze autoriséieren. Hie kann och d'Ënnerbriechung vun enger grenziwwerschreidender Verfolgung froen. Mam Artikel 3 acceptéiert Lëtzebuerg d'Zoustännegkeet vum europäesche Geriichtshaff. Dëst Geriicht ass zoustänneg bei Meenungsverschiddenheeten ënnert den europäesche Memberstate bei der Interpretatioun an der Uwen-